BEGGENER GUIDEN A SCOUTEN
NEWSLETTER 2007/2008 01
17. NOVEMBER 2007

Mir begréissen Iech mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss a begleckwënschen Iech, well Dir hutt se virun Iech, déi 1. Ausgab vun eiser neier Newsletter. Wat zu Urzäiten vun de Beggener Scouten d'Zeitung „Am Eemer" war, dat soll elo dës Newsletter ginn. Eng Informatioun fier Iech, léif Elteren, léif Memberen a léif Frënn fir datt Dir wësst waat bei ons leeft a wat mir mat äre Kanner esou ustellen.

Laurent Hennes, a Luc Ewen

1 - NEIES AUS DEM VERBAND

All Joër get de Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten sech een neien « Mot d'Ordre ». Dest Joër ass dat « Top Drop ». Aus eiser Method geet ervir datt Guiden a Scouten ëmmer versichen hire Kierper ze akzeptéieren, d'Méiglechkeete vun hirem Kierper ze trainéieren an ze verbesseren, d'Gesondheet als eppes Wärtvolles unzegesinn an e gesonde Liewensstil ze entwéckelen. Aus dëser Zilsetzung, déi och an eise Statuten noliesbar ass, well de Verband dëst Joer dräi Schwéierpunkten ëmsetzen:

- Ernährung,
- Bewegung,
- Läif a Séil.

An aisen Aktivitéite wäerte mir dëst Joer och zu Beggen versiche besonnesch op dës Aspekter anzegoen. Weider Informatiounen zum „Mot d'Ordre" an zu onsem Verband fannt Dier am Internet op www.lgs.lu.

2 - NEIES AUS DEM GRUPP

Wéi Dir sécher mëttlerweil alleguerte matkrit hutt feiert onse Grupp dëst Joer seng 50 Joer. Demnächst wäert aus dësem Ulass och ee Buch erschéngen. Mir wäerten Iech zu gegebenem Ulass nach méi heiriwwer erzielen.

2007 ass awer och daat Joer wou eise Gruppechef Robert Nilles decidéiert huet sech neien Erausfuerderungen ze stellen, a säin Amt als ieweschte Chef vum Grupp ofzeginn. De ganze Grupp seet him a senge Virgänger ee grousse Merci fir déi bis Haut geleeschten Aarbecht. Vum Oktober 2007 un ginn déi Beggener Guiden a Scouten solidaresch vun 2 gläichberechtegte Gruppecheffe geleet. Et handelt sech ëm de Laurent Hennes, Schoulmeeschter, an de Luc Ewen, Privatbeamten, alle béid vu Bäreldeng. Si hunn d'Kompetenzen iwwer d'Leedung vum Grupp ënnert sech opgedeelt. De Laurent Hennes ass technesche Gruppechef an zoustänneg fir Biber (déi mer momentan nach net hun), Wëllef, Aventuren an Explorer (Av-Ex). De Luc Ewen ass administrative Gruppechef an zoustänneg fir Caravellen a Pionéier (Cara-Pio), Ranger a Rover (Ra-Ro) an Albatrossen (déi mer momentan och nach net hun). Neie Sekretär ass de Roland Ries. Sengem Virgänger Jang Dell merci fier säi laangjähregen Asaatz.

De Laurent an de Luc um nationale Formatiounsweekend fier zukünfteg LGS - Gruppecheffen läscht Woch zu Bilsdorf.

Nodeems mier elo och eist Home nees a Betrieb geholl hunn, wëlle mir awer och e Merci un all déi lass ginn, déi gehollef hunn datt et elo endlech konnt esou wäit sinn, alle virop der « Beggener Guiden a Scouten a.s.b.l. », an hirem President Marc Ries. Ee Merci awer och un all ons Cheffen, déi, wat vill Elteren net wëssen, hiren Asaz voll a ganz op fräiwëlleger Basis bréngen. Sie afferen hir Fräizäit net nëmme fir d'Versammlunge mat de Kanner, mee och fir Virbereedungs-versammlungen a fir Formatiounen. Dës Formatiounen, déi vum Verband organiséiert, a vum Familieministère an dem S.N.J. unerkannt sinn, garantéieren

Iech, léif Elteren, datt är Kanner bei ons a gudden Hänn sin. Kee Chef gëtt fir säin Asaz bei eis bezuelt, an et ginn och keng Onkäschte rembourséiert. Déi Cotisatioun déi Dir bezuelt geet ganz un de Verband a gëtt zu 100% fier Assurance an d'Verbandszeitunge benotzt.

Weider Informatiounen zu eisem Grupp fannt Dier och lafend am Internet op www.beggenerscouten.lu.

3 - NEIES AUS DE WËLLEF

De Beggener Ruddel wärt 2008 déi grouss Eier an Erausfuerderung hunn, fir dierfen den nationale Wëllefchersrally ze organiséieren. Den 15. Juni ginn zu dësem Ulass ronn 600 Jongen a Meedecher am Alter tëschent 8 an 11 Joer zu Beggen erwaart, a fir den Encadrement wäerte mir e Staff vu ronn 80 Leit benéidegen. Wieder Detailer zum Wëllefchersrally wäerten zu gegebenem Zäitpunkt nach nogereecht ginn.

An de läschte Versammlungen hunn ons Wëllef sech mat der Rentrée, mam Hierscht, mat der Juegd a mat der Dschungelgeschicht beschäftegt. Um Wëllefchersrally waren si zerguer bis op Entenhausen. De 15. Dezember verkafen ons Wëllef selwergemaachte Krëschtkaarten a Marzipan am „Centre Espace". Weider Aktivitéiten, déi déi 1. Halschent vun 2008 op ais Wëllef duerkomme sinn eng verlängert Versammlung den 8. Dezember, de Monteeswekend de 24. a 25. November, den traditionellen Elterenowend den 26. Januar am Beggener Kulturzenter an de Faakelzuch um Virowend vu Nationalfeierdag den 22. Juni.

Ze erwähnen ass och nach den neien Internetoptrëtt vun eise Wëllef. De Serge Berens huet keng Méih a Käschte geschéit, wat dorauser ervir gaangen ass léisst sech weisen. Nozekucken op www.beggenerscouten.lu an der Rubrik „Eis Branchen" – „Wëllef".

4 - NEIES AUS DEN AV-EX

Eis Aventuren an Explorer (Av-Ex) hunn an hiere läschte Versammlunge geléiert wéi ee Salzdeeg a Maskottecher mécht. Aus engem Globus hu si Discokugele gemaach an de Frisbee schéngt bei hinnen och als Sportart héich am Kurs ze stoen. Fir d'Krëschtzäit wäerte si Kichelcher an Tase beim Cactus verkafen.

Et ass geplangt datt ons Av-Ex Ugangs September zesumme mat de Ra-Ro ee Camp am Frankräich maachen. Detailer wäerten och hei nach nokommen. Demnächst soll och den Internetoptrëtt vun onsen Av-Ex erneiert ginn. Weider Rendez-Vous'en sinn den Elterenowend (26. Januar) an de Faakelzuch (22. Juni).

5 - NEIES AUS DE CARA-PIO

Nodeems ons Cara-Pio iwwert eng zum Deel erneiert an erweidert Chefekipp verfügen, hu si mol als éischt d'Dier vun hirem Sall am Keller vun onsem Home nei ugestrach. De schwaarze Pi op roudem Hannergrond deen hiere Sall ziert krut och een neien Ustrach verpasst. Déi nächst Zäit wäerten si haaptsächlech domadder beschäftegt sinn Adventskränz ze bastelen, déi Dier och bei hinne bestellen, oder de 24. November am Match kafe kënnt. Och d'Cara-Pio huelen um Elterenowend (26. Januar) an um Faakelzuch (22. Juni) deel.

Am Moment sinn eng ganz Rei Cara-Pio-Cheffen amgaanngen hir Formatiounen ze maachen, respektiv ze erneieren. De Fränk huet dofir gesuergt datt och d'Cara-Pio iwwert een neien Internetoptrëtt verfügen, deen een op www.beggenerscouten.lu an der Rubrik „Eis Branchen" – „Cara-Pio" bewonnere kann.

6 - NEIES AUS DE RA-RO

Ons Ra-Ro hun dëst Joer, wéi all Joer, zesumme mat de Ra-Ro vu Walfer beim Walfer Vollekslaf gehollef. Ausserdeem hu si der Entente vun de Veräiner aus der aler Gemeng Eech bei der Sonorisatioun vun der „Journée de la Commémoration" ënnert d'Äerm gegraf. Fir datt d'Lagerfeierromantik bei de Beggener Guiden a Scouten net verluer geet hu si viru Kuerzem ee Pack Alu – Owend um Home organiséiert.

Dëst Joer ass keen Nuetsrally geplangt (all 2 Joer), dofir soll awer Ugangs September 2008 nees ee Ra-Ro Camp sinn, an zwar zesumme mat den Av-Ex am Frankräich. Och den Ra-Ro hiren Internetsite gouf komplett erneiert, an et get elo do esouguer een egenen Ra-Ro Tv- „Sender".

Am Gespréich ass och demnächst nees eng Aktivitéit mat aanere Ra-Ro Gruppen aus dem Land ze man, an selbstverständlech sin och ons Ra-Ro schon amgaangen hieren Optrett um Elterenowend ze plangen.

7 - NEIES AUS DEN ALBATROSSEN

Am Moment gin et zu Beggen keng aktiv Albatrossen. Virun net all ze laanger Zäit gouf et awer eng „23 a méi" Branche, (den Numm Albatrossen ass réischt viru Kuerzem offiziell op nationalem Niveau agefouert ginn). Bei hirer Opléisung hunn d'Memberen decidéiert aus hirer Kees dem Grupp e Cadeau ze man. Dee Cadeau ass elo ukomm a steet virum Home. Ons nei Bréifboîte ass ee flotten Totem deen zur Halschent vun den „23 a méi" bezuelt ginn ass. Villmols Merci dofir.

8 – WOSST DIR DAT SCHONN ?

Zanter datt onst Home nees a Betrieb ass hunn e puer Säll Nimm krit. De „grousse Sall" heescht elo „Camille Eyschen Sall". De Camille Eyschen war 1957 Grënnungsmember vun de Beggener Scouten a vun 1958 un hiren éischten Aumônier. Hie war och den éischte Beggener Paschtouer an him huet onse Grupp de Chalet (Home) iwwerhaapt ze verdanken.

Den Dortoir um Rez de Chaussée heescht elo „Willy Bourg Sall". De Guillaume, genannt Willy, Bourg war net nëmmen ee bekanntenen Politiker, Schäffen an Deputéierten, mee och den éischte Gruppechef vun de Beggener Scouten. 1957 war et zu engem gudden Deel him a senger Famill ze verdanken, datt déi Weimerskiercher Scouten sech gespléckt hunn, an esou déi Beggener Scouten entstane sinn.

Déi zwee Dortoiren um iewechte Stack heeschen elo „Robert Baden Powell Sall", respektiv „Agnes an Olave Baden Powell Sall". Sie sin domadder no de Grënner vum internationale Scoutissem, respektiv Guidissem benannt. Mir wäerten Iech zu engem spéidere Zäitpunkt nach méi iwwer si erzielen.

9 – WICHTEG DATUMER

Wat	Ween	Wou	Wéini	Auerzäit
Marzipan a Krëschtkaarteverkaf	Wëllef	Centre Espace	15. Dezember	de ganzen Dag
Krëschtgebäck an Tasen	Avex	Cactus	15.Dezember	de ganzen Dag
Adventskränz	CaraPio	Liwwerung Heem a Centre Espace	24. November	de ganzen Dag
Krëschtdeko-Verkaf	Amicale „Frenn vun de Beggener Guiden a Scouten“	Centre Espace	30. November 1. Dezember 14. Dezember 15. Dezember	de ganzen Dag
Elterenowend	all	Centre Culturel Beggen	26. Januar	20.00 Auer
Buergbrennen	all	Footballsterrain	10. Februar	20.00 Auer
Nationale Wëllefchersrally	all	Home?	15. Juni	de ganzen Dag
Fakelzuch	all	Stad	22. Juni	owes
Duerffest	all		14. September	de ganzen Dag

Den aktuellen Agenda fannt Dir ëmmer op www.beggenerscouten.lu